

Louvain-la Neuve

Zu Louvain gëtt et 4 Méiglechkeeten fir eng Wunneng (An der Belge nennt een dat e « Kot ») ze fannen.

1. Bei Privatpersounen – Dës Wunnengen sinn vun ganz ënnerschiddlecher Qualitéit, an et kënnst een oft besser wech wei bei enger Agence. Oft ass awer de Stroum, Internet, etc. net am Präis mat dran an se sinn oft net miwwléiert, et mussen en also nach d'Präisser fir d'Miwwel mat arechnen. Des Annoncen sinn op Pinnwänn iwwerall an der Stad verdeelt ze fannen, deelweis och an den Fënsteren vun de betroffenen Gebaier. Selbstverständlech fënnt een och iwwer Internet Wunnengen, z.B. op www.immoweb.be "
2. Bei enger Agence – Op den Internetsäiten vun den Agencen zu Louvain-la-Neuve fënnt een eng Auswiel vu Wunnengen an all Präiskategorie. Di gréissten Agencen sinn Eckelmans, Agence de l'équerre an Agence de l'aiglon. Bei den Agencen sinn d'Präisser e bëssen méi héich, oft ass awer Tele, Internet, Stroum an Heizung am Präis mat dran.
3. Bei der Uni selwer - Den UCL Service Logements bidd Wunnengen un, déi relativ gönschteg sinn an sech meeschtens och relativ zentral befannen. Weider Informatiounen fënnt een um Site vun der Uni : uclouvain.be
4. Haus vun den Lëtzebuerger zu Louvain - Als Lëtzebuerger huet een nach eng véiert Méiglechkeet. Dofir muss een um Enn vum Virjoer um Ministère zu Lëtzebuerg eng Demande maachen fir an d'Haus vun de Lëtzebuerger. Dës Demande muss bis de 15. Mai vum Virjoer gemaach an de kompletten Dossier muss bis den 1. Juli un den Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche gecheckt ginn. D'Telefonnummer dofir ass den 24785135. Wann een am September nach eng Wunneng sicht kann een och einfach bei d'Agence

« Eckelmans » goen, déi sech em d’Gestioun vum Gebai bekëmmert. Als Lëtzebuerger huet een hei Prioritéit an et kritt een Zëmmer an enger WG vun 5 Leit ugebueden. Den Präis ass fir Louvain-Verhältnisser hei relativ gönschteg. (momentan 301€) Mir vum Cercle vun den Lëtzebuerger zu Louvain kënnen des Méiglechkeet nëmmen recommandéieren, zemoos well oft nach bis Enn September Zëmmer fräi sinn, fir déi Leit di mat der Umellung méi spéit un sollten sinn.

Zousätzlech Informatiounen :

An der Belge ass et üblech an enger Wunneng (Kot) zu puer ze wunnen. Sou Wunnengen vun bis zu 12 Leit sinn zu Louvain vill méi heefeg wéi eenzel Studioen oder Appartementer.

Den duerchschnëttlechen Präis vun engem Zëmmer an engem normalen Kot läit bei ongeféier 300€, kann awer jee no Zoustand an Gréisst och bis op 500€ eropgoen.

Well Louvain eng reng Foussgängerstad ass muss een oppassen wou een seng Wunneng hält. Natierlech sinn di zentral leiend Wunnengen méi deier, mee d’Haus vun de Lëtzebuerger läit z.B. mol keng 5 Minutten zu Fouss vum Zentrum ewech, an dat zu engem akzeptabelen Präis.

Bei Froen kann sech jiddereen gär un den Cercle vun den Lëtzebuerger (Grand-Ducale) wenden. Ze fannen sinn mir op Facebook oder per Mail op grand-ducale@hotmail.com.